

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Info-Box

Bestell-Nummer:	13013 LU
Sprooch:	Lëtzebuergesch
Kaméidistéck:	3 Akte
Bünebiller:	1 Zëmmer am CIPA
Spildauer:	+/- 90 Min.
Rollen:	6
Frauen:	3
Männer:	3
Rollensatz:	7 Hefte
Preis Rollensatz	125,00€
Aufführungsgebühr pro Aufführung: 10% der Einnahmen mindestens jedoch 85,00€	

13013 LU

Maer ginn nach net an d'Altersheem

(Kaméidistéck an in 3 Akten)

vum

Jos Weimerskirch

Inhalt :

De Néckel fréiere Chef vun enger Firma huet sech zeréckgezunn a seng Fra Marréi wëll mat him an en CIPA. Well säi Meedchen an Afrika plënnert a sech net méi ëm hien a seng Fra këmmere kann, wëllegt hien an. Am Altersheem mierkt hien, dass hien do kee fräie Mënsch méi ass an et sëtzt alles dorun fir nees bei sech Heem ze kommen.

D'Stéck spillt an der Géigewaart.

Bünebild:

Eng Stuff an engem Haus wat d'Stuff an engem Altersheem gëtt.

Persounen:

Persounen	Beschreibung	Asätz
Marréi	eng eeler Fra déi mat hirem Mann an en Hospice wëll	
Néckel Mercure	En eeleren Haer deen net an en Hospice wëll, dem Marréi säi Mann	
Sonny	Duechter vum Marréi a vum Néckel an dem Contain De Moutin de la Barque seng Fra	
Alex Braack	Den Direkter vum CIPA	
Albert Schmiergeld	Pensionaire am CIPA dee fréier beim Néckel an der Firma geschafft huet an duerch de Schwindel an d'Préretreite gaangen ass	
Gaëlle	Infirmière am CIPA	

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwten, Kopéieren, Verlaine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Akt 1

Maer sinn an engem Wunnzëmmer vun enger biergerlecher Koppel.

Szeen 1

Nëckel Nee! Ech ginn net an en Hospice.

Marréi Fir wat?

Nëckel Wéi "Fir wat?" Iwwerlee e bëssen! Ob mannst versich! Ech kennen dech. Wann s Du dech e bëssen dru gëss kenns Du vum selwen drop. (*erkläert stolz wat eng Iwwerleeung ass*) En Altersheem (*mat engem entschlossenen Toun*) ass fir di al Leit.

Marréi Sief Daer sécher. Dat si maer geschwënn. Et ass just nach eng Saach vun Zäit! (*ëmmer nach glécklech him eng eraus ze wëschen*) Ausserdeem erënner Dech Du hues 70 Joer.

Nëckel (*mat schlechtem Versteesdemech*) Ech gesinn do keen Zesammenhang.

Marréi Du hues dach selwer gesot et misst een iwwert säi Schied sprange kënnen.

Nëckel (*pickeg*) Jo awer net an deem Fall. Dat hunn ech gemaach wéi ech esou engem Carrièremënsch d'Leedung vu menger Firma iwwerlooss hunn. (*e mécht bewusst eng Paus a seet duerno betount weider*) Mee ech kontrolléieren weiderhin.

Marréi (*Bestätegend mee net iwwerzeegt*) Jo ech weess.

Nëckel Iwwerhaupt, hien weess et och.

Marréi Hal op him dat permanent ze soen. (*geréiert dat ganz*) Dat verhënnert jo net, dass Du net méi schafft.

Nëckel Jo, mee ech kontrolléieren.

Marréi (*zitt eng Schlussfolgerung*) Wat verhënnert dech vum Altersheem aus de Kontroll ze hunn?

Nëckel Wat géif mech dann dohinner lackelen?

Marréi D'Freed dem Sonny eng Freed ze maachen.

Nëckel Maer hunn hat net ugestallt.

Marréi Hat wier méi berouegt wa maer 2 an engem Altersheem wieren.

Nëckel Maer loossen eis jo elo awer net aspären, fir hat ze berouegen.

Marréi Dach.

Nëckel Häerzi, maer hunn hatt gemaach.

Marréi (*zéckt*) Ech hunn hatt gemaach.

Nëckel Sinn ech net de Papp?

Marréi Dach- (*zum Publikum*) Warscheinlech.

Nëckel Ech si frou dat ze héieren. Als Papp hunn ech och do mäin Deel bäigedroe.

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Marréi Nee.

Néckel Wéi nee?

Marréi (*Kategoresch*) Nee! (*hëlt Loft*) Et deet maer leed, mee du hues do näischt gemaach.

Néckel Pardon?

Marréi Rechen. (*denkt drun dass hien Chef vun enger Entreprise ass*) Mee dat mech s Du jo esou wéi sou. Maer war et 27 Mol schlecht, 1997 Mol hunn ech missen um Telefon deng Mamm ausstoen, ech hat 42 Migränen, hunn 282 Deeg gewaart a gouf schlussendlech 9 Stonnen 14 Minutten an 33 Sekonnen gefolttert. Wat kanns Du maer do dergéint offréieren?

Néckel (*iwwerleet*) Hm, mäi Numm (*iwwerleet*) an Daer eng gewësse Freed.

Marréi Wat fir eng Freed? (*fënnt dass hien vill Culot huet*) 15 Sekonnen net getrennt.

Néckel (*nostalgisch*) Ech gesinn elo nach dat klengt Hotel wou maer di éischte Kéier aleng waren.

Marréi (*guer net nostalgisch*) D'Hotel hat en duebelt Bett (*eng Paus*) an du has deng Freed am Buedzëmmer.

Néckel (*verbessert*) An der Zäit (*stolz*) hu se mech Apollon genannt.

Marréi Mäi Léiwen, wann eng Fra vun 20 Joer esou eng Dommheet seet, dann huet et hir un Erfahrung gefeelt.

Néckel (*schwätzt nees vun hirem Meedchen*) An duerno hu maer hat zesummen grouss gezunn.

Marréi (*Betount den ech*) Ech hunn et grouss gezunn.

Néckel Net aleng.

Marréi Dach! (*erkläert*) Du war s jo ni do.

Néckel Ech hunn him villäicht meng Präsens net opgezwong, mee di moralesch Wäerter hunn ech him bäibruecht.

Marréi Du hues him d'Wäerter villäicht bäibruecht, mee ech hunn se mat him gelieft.

Néckel (*berouegt d'Situatioun*) Wann s de mungs.

Marréi Jo ech mengen.

Néckel (*vun uewen erof*) Du däerf s. Ech hunn et nach ëmmer gudd fonnt dass du meng Rotschléi respektéiers vun deem Ament un wou s Du se verstanen hues.

Marréi Ganz léif.

Néckel Dofir si maer jo esou eng gudd Koppel. Jiddereen huet seng Missioun. Ech sinn de Generol deen d'Strategie festleet an Du den Zaldot deen trei follegt. (*felicitéiert him éierlech*) Iwwerhaupt hunn ech den Androck, wat s Du méi al gëss, wat de mech méi séier verstees. Du bass wéi de Wäin. Wat dee méi al gëtt wat dee besser gëtt (*kuckt laang op hat*) Intellektuell mengen ech.

Marréi (*huet sech entschloss zum Wuel vun hirem Meedchen net weider ze diskutéieren*) Kann deen treien Zaldot Daer eng Taass Kaffi offréieren?

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Néckel Gären.

Marréi (*zerwéiert en a kënnt nees zum Thema*) Maer wiere villäicht glécklech am Altersheem?

Néckel Ech wetten säin Contain du Moulin vum Fëscherboot huet Daer déi Flou an de Kapp gesat, dat ass e richtegen groussen lesel.

Marréi En heescht "Du Moutin de la Barque" an et ass dengem Meedchen säi Mann.

Néckel Dat ass net mäi Feeler.

Marréi Du kanns et zou ginn. Scho wéi hat en eis presentéiert hat, has Du eppes géint hien.

Néckel Egal wat (*hieft d'Äerm*) Ech hat näischt géint en. Géint deen Typ kann ee näischt hunn. Mee et ass wéi eng Drëps op e waarme Steen.

Marréi Zéng Minutten. Daer hat knapps 10 Minutten mateneen geschwat do hues du schonn du bei him e wëld Bestietnes verherlecht. (*hëlt d'Publikum als Zeien*) Hu Daer schonns esou eppes erlieft? Rot engem Mann sech ze kummeren dee grad komm ass fir ze froen ob e sech mam Meedchen bestueden däerf.

Néckel Ech wollt net, dass hat dem Mann säin blöde Familljennumm kritt. (*erkläert*) Maer setze keng Kanner op d'Welt fir, dass se duerch dee Mann herno "Du Moulin vum Fëscherboot" heeschen. Denk un dat wat maer ausgehalen hunn: deng Migränen, meng Mamm um Telefon, d'Krämp an d'Péng! Méi konnt ech deen Ablack net maachen. En Ëmwee op der Gemeng an hopp, ass et schwanger. Et géif elo och nach feelen, dass och nach e Bouf esou e Numm kréie géif.

Marréi (*versicht ze berouegen*) Ale Granzsack, Du wäers dach sécher gäre Bopi?

Néckel Net vun engem "Du Moulin vum Fëscherboot", (*iwwerleet e puer Sekonnen*) Wann esou en Accident geschéie géif, géif ech dem Kand roden ze kloen.

Marréi Wiem?

Néckel Dem Bouf. (*erkläert*) Kanns Du Daer virstellen wéi oft dat Wuert Fëscherboot am Schoulhaff mëssbraucht gött.

Marréi Du häss e virgewart ier en an d'Schoul geet.

Néckel (*stëmmt deem zou*) Dat wier esou eng Aart Impfung déi en immuniséiere géif. (*en iwwerleet e bëssen an dann seet e voller Energie*) Mee mungs de, eis onglécklech Enkelen kéinten eis an eise Prisong besiche kommen (*en otemt déif a da seet en an den matleedegen Toun*) Wat wier ginn wann ech grad deen Dag krank gewiergt wier wou ech hat als neien Direkter vum Personalbüro virgeschloen hunn!

Marréi Nee.

Néckel Wéi nee?

Marréi Sonny ass net duerch Dech Directrice vum Personalbüro ginn.

Néckel Dat ass maer nei.

Marréi Du weess dach, dass maer zu 2 beim President vun der Firma ënnerschriwwen hunn wéi hat dee Poste krut.

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Néckel Du wäers jo elo awer net mengen, dass deng Ënnerschrëft bei der Decisioun eng Roll gespillt huet.

Marréi Dach.

Néckel Pardon, mee di eenzeg Kéier wou maer mam President zesumme waren do wollt den Haer Doulin mat maer aleng schwätzen.

Marréi Jo, an di Kéier drop huet e just mat maer aleng geschwat.

Néckel Wéini?

Marréi E puer Deeg méi spéit (*Nostalgesch*) Maer haten eis duerch Zoufall am Café de la Gare begéint.

Néckel An hien hat dech erkannt?

Marréi Esou just. En hat maer gesot säi kleng Fanger hätt him gesot, dass ech do wier.

Néckel (*nohakend*) Däi kenge Fanger?

Marréi Nee säin. (*betount säin*). Säi kenge Fanger. Mäi kann fir näischt, dee war grad ageschlof.

Néckel An?

Marréi E koum ganz no bei mech an huet gezeckt wéi e mech gefrot huet "Si Daer net d'Fra vun deem feine Haer mat deem ech di lescht Woch e Cocktail an der Schwäizer Ambassade gedronk hunn"?

Néckel (*geréiert*) Sot en dat?

Marréi Sënngeméiss.

Néckel Deen ass gudd dee Jong.

Marréi Ganz gudd.

Néckel An?

Marréi Ech sot jo. Mengs Du ech wier net stolz gewiergt als deng Fra erkannt ze ginn?

Néckel An?

Marréi (*glécklech un dat Vergaangent nodenken ze dierfen*) Maer hu mateneen geschwat. Ech hunn him bei all Geleeënheet gesot wéi gudd ech et hätt mat esou engem dichtege Mann wéi mat Daer bestuet ze sinn. (*eng Paus*) Ech hunn dech gelueft, weess de.

Néckel An?

Marréi En hat maer proposéiert e bëssen an d'frësch Loft trëppelen ze goen. An du si maer gaangen. (*si laacht an hire Bléck straalt*) Maer hunn di ganzen Zäiten vun Daer geschwat.

Néckel An?

Marréi Du kenns meng Been. Wann se vill a Beweegung sinn, ginn se séier midd, se wollte raschten. Gudd, dass säi Grupp en Hotel am Garer Quartier huet.

Néckel (*entsat vun deem wat hien sech virstellt*) Nee?

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen müssen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Marréi (*schwätzt vun der Tatsaach, dass deem säi Grupp en Hotel huet*) Dach.

Néckel Du hues et mam Sylvio Belluci gemaach?

Marréi Du hues et gemaach, du hues et gemaach. Dat klengt esou no Macho. Maer hunn et gemeinsam gemaach.

Néckel Du has maer versprach dech ni mat engem an ze loossen wou ech riskéiere kéint deen berufflech erëm ze gesinn. Du wollts mech ni als lächerlech duerstellen.

Marréi Am Ufank wollt ech dat jo och net. (*mécht wéi wann dat onwarscheinlech wär*) Ech hu mech esou guer dergéint gestrieft.

Néckel Nee?

Marréi Dach!

Néckel An dunn?

Marréi Wéi ech dunn no uewe wollt, huet e mech an de Lift begleet.

Néckel Du hues am Lift widderstanen?

Marréi Ech wollt net wierken wéi eng Fra déi liicht ze kréien ass.

Néckel A sou.

Marréi Ech sot. "Haer Belluci ech sinn gebonn".

Néckel Wat sot hien dunn?

Marréi De Bouquet ass gebonn, mee d'Blummen dran fille sech ageengt.

Néckel Natierlech.

Marréi Him do ze widderstoen wier en Zeeche gewiergt, dass ech säi Witz net verstanen hätt.

Néckel Zemol Daer jo um Enn vun der Konversatioun bal an der Kummer waart.

Marréi (*stëmmt deem zou*) Et ass egal wou maer do waren. Dat steet elo net zur Diskussioun.

Néckel (*ganz normal*) An do hu Daer et gemaach?

Marréi Dräi Mol hannerteneen.

Néckel Ech wetten an deem Moment hu Daer guer net méi vu maer geschwat.

Marréi Dach! Direkt duerno ... zur selwechter Zäit wéi d'Zigarette.

Néckel (*nostalgisch*) Wat e Gléck, Daer hat duerno och nach Zäit fir eng Zigarette ze fëmmen.

Marréi Maer hate vill zesumme gelaacht.

Néckel Iwwert d'Zigarette?

Marréi Nee. (*et deet him éierlech leed*) Iwwer dech! (*hëlt ech erëm*) Mee ech hunn dech verdeelegt!

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Néckel Ah!

Marréi Ech war formelle. (*erlieft di ganz Situatioun*) "Ech ginn et zou Haer Belucci, Daer sidd vill méi performant wéi mäi Mann. Mee Daer hutt mech elo just entdeckt. Fir Aer Haut sinn ech neit Fleesch. E Männchen ass ëmmer méi performant wann seng Haut neit Fleesch spiert".

Néckel A seng Haut huet sech méi oft un deng gewinnt?

Marréi Un de Kierperkontakt wëll s de soen (*kategoresch*) Ni (*bal entsat*) Huesi, ech hat Daer versprach ech géif dech ni blouss stellen (*denkt drun, dass dat bal onméiglech ass*) esou gutt wéi et geet.

Néckel Genau. Ech hat dat scho nees vergiess.

Marréi Ech stinn zu mengem Wuert, an iwwerhaupt kanns Du stolz op mech sinn.

Néckel Do verlaangs Du awer e bësse vill.

Marréi Ëmmerhin sinn ech him a gudder Erënnerung bliwwen an dat och nach no 20 Joer Ech hu mech net fir näischt beméit.

Néckel Felicitatioun d'Madame schléift net ëmsoss.

Marréi Et sinn net di sëllege kleng Sekretärinne mat deenen 's Du geschlof hues, fir ass Sonny Directrice vun de Ressource humaines ginn ass.

Néckel Wat wëlls de. Ech sinn Idealist. Dat ass eisen Ënnerscheed. Ech hunn dat aus dem Bauch eraus gemaach a net wéi s Du aus Berechnung.

Marréi Dat verhënnert awer net, dass aus mengen Bauchgefill eraus eist Meedchen eng gudd Platz krut huet. Anescht wéi bei Daer wou d'Friemgoen di eng oder aner Kéier deier ginn ass.

Néckel Villäicht. Mee leider huet hat duerch dës Situatioun säin Typ kenne geléiert duerch deen maer quasi an de Prisong kommen.

Szeen 2

Sonny (*vun hannert der Bühn*) Papa? Mamma? Si Daer do?

Néckel (*ironesch*) Nee. Maer sinn just d'Abriecher (*kuckt op d'Marréi*) déi am gaange sinn iwwert d'Haut ze schwätzen

Marréi Komm roueg erop.

Néckel Fir zwee esou Aler, hale maer eis nach gudd.

(*D'Sonny kënnt op d'Bühn*)

Néckel An? Geet et?

Sonny Jo

Sonny (*wat sech d'Äntwert denke konnt*) An ass hien net averstanen?

Néckel Nee.

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwten, Kopéieren, Verlaine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzong, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Sonny A fir wat?

Néckel Wéi fir wat? War s Du schonn eng Kéier an engem Altersheem? Kanns Du Daer eis virstellen an engem Haus vun e lauter Kranker, déi doduerjer krank goufen well se aner Kranker getraff hunn déi nach méi krank waren wéi si? Weess de a engem Altersheim sinn d'Mikroben an d'Bakterien net dat schlëmmst, d'Leit si krank well een deen aneren nomécht.

Marréi Et ginn der och do déi sech gudd halen.

Néckel (*beschëllegt ironesch*) Jo, mee déi ginn och ëmmer méi kannerech well déi permanent Leit héieren déi mat hinnen ëmginn wéi wann si kleng Kanner waren. (*mécht eng vun den Infirmière no*) A wéi geet et Aech haut? "Bravo" Daer hutt alles giess, ganz gudd". "Oh en huet haut nach kee Pipi gemaach, e war guer net fein" (*hält op nozemaachen*) Zum Schluss, (*hëlt en dramateschen Toun*) kommen Infirmiëren déi sech bei een op d'Bett setzen, engem de Mond opmaachen an ee fidderen. Esou laang maer an den "Droits de l'homme" net stoen hunn, dass een doheem al ginn a stierwen dærf esou laang ass d'Mënschheet net räif. (*zefridden d'Publikum als Zeien vu senger Ausso ze hunn dréit en sech zum Sonny*) An Du léift Meedchen wëlls eis derr Folter aussetzen.

Marréi Du iwwerdreifs.

Néckel Ech iwwerdreiwen? Een an e Prisong setzen nëmmen well en al ass, an ech soll iwwerdreiwen?

Sonny Et ass kee Prisong.

Néckel Nee. Da géi emol dohin, a probéier herno nees ze goen, da gesi maer.

Marréi D'Altersheimer sinn net all d'selwecht,. Ech hunn de Prospekt gesinn deen d'Sonny matbruecht hat, an do ass alles an der Rei.

Néckel Du, wat net kapabel ass eng Pëll ze schlécken wann et eng Migräne huet ouni de Beipack ze liesen, wier s eis jo elo net condemnéieren just op Grond vun 4 Fotoen.

Sonny De Contain an ech maer wären och vill méi berouegt wann Daer do wäert.

Néckel (*éierlech*) Ech hu guer net Wëlles esou e grousst Kallef ze berouegen.

Sonny Papa.

Néckel Wat? Ass hien da kee Groussen?

Sonny Dach.

Marréi (*verdeedegt säi Meedchen*) Voll am Recht verdréit hat net, dass Du säin Mann esou beleedegs. Ech hunn och ni acceptéiert, dass een sech iwwer Dech lëschtég mécht. (*hat erënnert sech un dat Gespréich vun virdrun an iwwerleet e puer Sekonnen*) just a Situatiounen déi ganz... (*et zeckt*) ausserhalb vun eisem Bestietnes statt fonnt hunn Et mécht ee sech bei enger Fra net iwwert hire Mann lëschtég.

Néckel (*ganz professionell*) Ech beleidege keen. Esou eng ausstierwend Race als Kallef ze betitelen ass keng Frechheet mee eng Diagnose.

Sonny Papa, wann ech gelift.

Néckel Et ass nach eppes.

Marréi Wat?

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Néckel Bei eisem Meedchen. (*hien kuckt hat opmierksam un*) Normalerweis wann ech säin Du Moulin vum Fëscherboot als grousst Kallef betitelen geet hat a klaakt d'Dier. (*zum Marréi a weist op Sonny*) Des Kéier kuck! Net nëmmen, dass hat bleift, mee hat freet mech och nach fir dat net ze soen. Ech wetten hat toleréiert och nach wann ech eng Millen an e Boot virun him imitéieren (*fir hat ze provozéieren dréit e mat den Äerm wéi eng Wandmillen ronderëm*. D'Sonny kuckt en ganz rosen) Hat gesäit net begeeschtert aus, mee hat bleift.

Marréi Hat wëll villäicht eppes ze drénke kréien.

Néckel (*De Néckel fiert weider eng Millen nozemaachen*) Kuck! Am léifsten géif et bäissen (*en ameséiert sech a fiert weider*) An den Du Moulin ass e Kallef an d'Fëscherboot féllt sech mat Waasser (*en danzt duerch de Raum a séngt*) an d'Millen ass e Kallef an d'Boot féllt sech mat Waasser.

Marréi (*zum Sonny*) En huet Recht. Normalerweis wäers Du scho längst fort (*hëlt den Toun vun enger beonrouegter Mamm*) Ass eppes net an der Rei mäi Kand?

Sonny Ech hunn den Direkter vum Altersheim invitéiert. Hien waart do ënnen, dass Daer säi Besuch akzeptéiert.

Néckel De ka roueg waarden.

Marréi Du kanns dee Jong net do ënne stoe loossen.

Néckel Dach! (*erklärend*) Ech hunn e net invitéiert a wëll en och net gesinn.

Marréi (*zum Sonny*) So e soll erop kommen.

(*D'Sonny geet.*)

Néckel Dat ass de Combel

Marréi Fir wat? Et ass villäicht e flotte Borscht

Néckel Dat géif mech wonneren.

Marréi Fir wat'

Néckel Wann de flott wier hätt en net esou e Beruff. Et ass sécher ee mat Bockel esou e Mamme Bouf mat engem Brëll wéi Drëppe Gliesser, voll matt Eessen am Gesicht. Ausserdeem, well en an esou engem Kader schafft, ass e sécher ganz bleech. (*eng Paus*) Wann een him bäibruecht huet ëmmer als Commerçant senge Clienten ze gläichen, da seet hien sech sécher all Kéier wann hien en Zant verléiert, dass hien eppes fir säin Image gemaach huet. Ech hätt ni geduecht, dass du eng Kéier esou een an eisem Haus toleréiere géifs.

Maréi A falls de Onrecht hues ...

(*Hat schafft un hirem Make-up an hir Ae stralen*)

Néckel So elo net Du wéilts den Direkter vum CIPA dragéieren

Marréi (*confirméiert*) An engem Altersheem ass d'Konkurrenz net grouss. An et mécht maer Spaass Daer eng gudd Lektoun ze ginn

Néckel (*bal amuséiert*) Ah bon?

Marréi Jo.

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen müssen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Néckel Maer?

Marréi Jo.

Néckel Du wëlls maer eng Lektoun ginn?

Marréi Jo.

Néckel Du?

Marréi Ech.

Néckel Du maer?

Marréi Ech Daer.

Néckel Kanns Du maer soen wat fir eng?

Marréi (*mécht de Geck mat him*) Du wäers zu dengem Leed gesinn, dass et fir bei lessen en 2ten Sorbet ze kréien, et méi einfach ass den Direkter ze klaken wéi eng Infirmière.

Néckel Wann s de dän zoukënftege Freier erblécks, wëlls de keen 2ten Dessert méi.

Szeen 3

(*D'Sonny kënnt op d'Bün an invitéiert de Alex.*)

Sonny Kommt eran Haer Braack. (*de Alex kënnt eran. Et ass e flotte Bouf. (Wei d'Marréi e gesäit fänkt hat un mat laachen)* Fir wat laachs Du?

Alex (*mat gudder Minne*) Normal, mäi Numm provozéiert all Kéiers e Laachen bei de Leit déi nodenke kënnen. D'Madame Mercure huet vill Verstand.

Néckel Daer schmeechelt him.

Alex (*spontan*) Jo, (*hëlt sech erëm*) mee ech sinn éierlech.

Néckel Ech wonnere mech, dass dat aere Numm sollt sinn. Zanter e puer Joren ass eis Famill géint esou blöd Nimm geimpft (*E mécht nees eng Millen no a kuckt Sonny*)

Marréi Dat stëmmt (*eng Paus*) Aere Kierperbau huet mech laache gedu.

Alex (*erstaunt*) Mäi Kierperbau?

Marréi Deen huet maer elo richtig Loscht op e Sorbet gemaach. Wéi heescht Daer eigentlech mam Virnumm?

Alex Alex.

Marréi (*an engem wëssenschaftlechen Toun*) Alex. Et ass sécher e Genoss wéi een d'Silben a verschidden Situatiounen betoune kann. (*denkt no a schwätzt*) An et kann een do och verschidde Varianten era bréngen: Alex, Alexis, ech froe mech wat fir eng maer besser gefale géif. (*fir eng Äntwert ze fannen imitéiert et en Orgasmus*) Alex,... Alex,... Alex,... Alex,... (*wéi dat net geet versicht et en aneren*) Alexis,... Alexis,... Alexis,... Alexis, (*wéi dat net geet versicht et en aneren*) Lex,... Lex,... Lex,... Lex,... (*nom nodenken*) Ech mengen ech géif mech schlussendlech fir den Alex decidéieren. (*ganz professionell*) Natierlech misst een dës Hypothees an der Realitéit testen.

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Néckel (*hieft d'Schëlleren*) A Realitéit. (*zum Sonny*) Deng Mamm vertraut ëmmer dem Ausgesinn. (*zum Marréi, als Kenner*) De Virnumm an de Kierperbau ginn net duer. Du vergëss de Savoir-faire. Kuck di Gestalt. Deen ass vill ze vill schéin a vill ze vill jonk fir dech. Dee gëtt sech keng Méi. Häerzi ech hunn dech gewarnt. En Alex mat dem Kierperbau hëlt keng Initiative.

Marréi Dat mings Du esou.

Néckel (*zum Alex*) Enner eis. Daer hätt sécher och Loscht gehat fir eng Kéier mam Sarah Bernardt an en Hotelszëmmer ze goen.

Marréi Äntwert net. Hien huet iwwerhaupt keng Anung.

Néckel Ech wetten mat daer, dass Du mam Alex mol keen M.O kriss.

Alex (*verluer*) En M.O.?

Néckel Mini Orgasmus. (*kuckt den Alex erstaunt*) Kenn Daer dat net?

Alex Nee.

Néckel Aer Fra kennt dee sécher.

Alex Ech sinn net bestuet.

Néckel Dat wonnert mech net.

Marréi Lauschter Häerzi. Léiwer en MO wéi GKO - Guer keen Orgasmus.

Sonny (*ganz genéiert*) Sidd net schockéiert Haer Braack. Meng Elteren sinn ganz emanzipéiert.

Néckel Sonny, hien ass net schockéiert. Hien weess, dass hien den Don Juan am Altersheem ass - Kuck emol seng Beweegelechkeet. Kee vun iwwer Honnert kéint him net widerstoen! Ne!

Alex (*verluer*) Jo.

Néckel Fir wat mings de soll en also e Bléck op meng Fra geheien? Mings de déi Frae vun iwwer 100 géifen him net duer goen? (*hien bedréit den Alex kierperlech*) Ne, den Alex wëll net mat menger Fra kahlen?

Alex Nee.

Néckel Versprach?

Marréi (*enttäuscht*) Gefalen ech Aech net? Fann Daer mech ze al?

Alex Nee.

Marréi Fir wat dann esou e blöd Versprieche? E Versprieche wou Daer riskéiert laanscht e klenge Pleséier ze kommen dat eng räif Fra engem nach onerfuereenen Mann bidde kéint.

Néckel (*siegräich*) Ze spéit. En huet et versprach.

Marréi (*hält op mat spillen*) Berouegt Aech, Alex. Mä Mann an ech stëppele gären een hannert dem aneren. (*hat kuckt den Alex weeleidech an dréit sech zum Néckel*) Dat verhënnert jo awer net, dass hien charmant ass.

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Néckel Fir wat kohlt Daer net mat mengem Meedchen? Wier dat keng Iddie? Mat mengem Meedchen ze flirten! Da géif et villäicht vu deem groussen Idiot lass loossen. Daer géift do eng BA maachen.

Alex A!

Néckel Daer kennt hien net?

Alex (*ganz verluer*) Wien?

Néckel (*ganz seriöe*) Dee groussen Idiot vu mengem Meedchen?

Alex Nee.

Néckel (*glécklech vu senger Iddie*) Hat huet Aech en net virgestallt seng Millen um Fëscherboot.

Alex (*erlichtert sech un eppes klameren ze kennen wat hien kënnt*) Ah! Den Haer "Du Moutin de la barque"! Dee kennen ech.

Néckel Wat e grousst Kallef ne!

Alex Ma nee.

Néckel Ass hien kee Groussen?

Alex Ma dach.

Néckel Da sinn maer eis eens. Hien ass e grousst Kallef.

Sonny (*ënnerbrécht*) Papa. Den Haer Braack ass net heihinner komm fir mat Daer iwwert de Contain ze schwätzen.

Néckel (*reagéiert op dee Virnumm*) Contain! Fann Daer et net och schrecklech, sech esou bei sengem eegene Kand ze rächen. (*Den Alex versteet net an de Néckel erkläert*) Wësst Daer de Virnumm Contain, (*betount et lues*) ass dat schrecklechste wat een engem Kand undoe kann, wou een et dach virdrun zesumme wollt. Daer sot maer "Versetzt Aech an hir Platz". (*mécht wéi wann hien dat gesot hätt*) Daer hutt Recht, ech hätt et och esou gemaach. (*mécht wéi wann den Alex him zougestëmmt hätt*) Stellt Aech di aarm Mamm vir déi 9 Méint gewaart huet, an ëmmer vun hirer Schwéiermamm um Telefon tyranniséiert gouf, déi di ganz Nuecht a Wéie lounge a net geschlof huet.

Marréi (*denkt un d'Gebuert*) Maer iwwersprangen d'Gebuert.

Néckel (*lyresch*) A wéi se dunn d'Aen opgemaach huet fir endlech dat ze gesinn wat aus hirem Laif a Fleesch ass, (*eng Paus*) dat wat een hir an de Grapp gedréckt huet? (*spillt deem Iwwerraschten*) Wat gesäit se? E grousst Kallef. An de Papp deem bei der Gebuert net derbäi war an ganz ausser Otem an d'Maternité kënnt. Stolz Papp vun engem Bouf ze sinn. (*erlieft d'Szeen*) Wat gesäit deem? E grousst Kallef. Net ze schwätzen vun de Grousselteren déi stolz sinn, dass hire Bouf Papp gouf. Wat krute si gewisen. E grousst Kallef. An elo mäi Meedchen, 30 Joer méi spët wat huet hat a sengem Aarm?

Alex (*voller Elan*) E grousst Kallef! (*gëtt sech bewusst wat e gesot huet*)

Sonny Papa.

Néckel Versti Daer och elo fir wat se sech gerächt hunn an deem s se de Bouf Contain genannt hunn.

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Alex (*verluer*) Ech verstinn.

Néckel Daer sidd guer net esou domm.

Alex Natierlech net.

Néckel Fir esou schéin Prospekter ze maachen do muss een och eng lass hunn.

Marréi Dat stëmmt. Mäi Mann an ech ware begeeschtert wéi maer an aere Prospekter gebliedert hunn.

Alex Merci.

Néckel Fir, dass e schéin ass, muss e schéin sinn. E war sécher deier?

Alex Zimmlech.

Néckel Gudd, dass d'Geschäfte lafen.

Alex Maer kënnen eis net bekloen.

Néckel Di Al iessen sécher net zevill?

Alex Nee.

Néckel An der Hotellerie sprengt d'lessen de Budget. (*geet no bei en, quasi als Kompliz*) Am Altersheim do geet dat sécher?

Alex Alt esou.

Néckel Hu Daer keng Problemer fir do d'Geld ze kréien?

Alex Guer keng.

Néckel Daer kritt d'Sue sécher direkt vun der Rent.

Alex Jo.

Marréi Passt gudd op Haer Braack. Wa mäin Mann Aech an engem Stéck free stellt dann ass dat just fir sech herno iwwer ech lëschtteg ze maachen.

Néckel Marréi iwwerlee. (*zum Alex*) Jo! Meng Fra heescht Marréi, dat ass esou eng Iddie vun hir. Ech kennen hat vun deemools wéi et nach arem war. (*eng Paus*) Deemools huet et Germaine geheescht. A wéi maer dunn lues a lues méi räich goufen huet et Germaine almoudesch fonnt. Marréi iwwerlee: Et mécht een sech net iwwert eng Braack lëschtteg. (*gëtt bal nees seriöe*) Daer hutt sécher vill an de Pausen gelidden.

Alex Jo.

Néckel A rächt Daer Aech bei aere Grousselteren?

Marréi Lauschtert him net no. Hien ass en ale Knouterer. Wëll Daer eppes fir ze drénken?

Alex Gären?

Néckel E Glas wotlecht Waasser fir eise Kolleeg (*kuckt en virworfvoll un*) Dat ass dach och dat wat Daer aeren Affer ofschwätzt.

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Alex Nee, ëm Gottes Wëllen, Haer Mercure, (*iwwerleet e puer Sekonnen iwwert d'Aart a Weis wéi en erkläre soll*) Daer hutt do eng falsch Meenung iwwert eist Haus. Ausserdeem, äert Meedchen an den Haer...

Néckel Dat grousst Kallef.

Alex (*fiert weider*) ... sinn komm an hunn Aech an eisem Pavillon Diamant ageschriwwen.

Néckel De wat?

Alex De Pavillon Diamant. (*zitéiert aus engem Werbekatalog*) Eis Institutioun huet 5 Pavillonen: Bronze, Koffer, Selwer, Gold an Diamant. Natierlech e Mann vun Aerem Kaliber geet an de Pavillon Diamant. Wann ee maer proposéiert hätt Aech enzwousch anescht ze placéieren, hätt ech refuséiert, Daer gehéiert zu der Elite an d'Elite geet ëmmer an de Pavillon Diamant. Do si Daer och vun deenen ënneschte Klasse geschützt. Well et kann een ëmmer an e Pavillon op Besuch goen deen e Niveau drënner ass, mee ni deen anere Wee.

Néckel Wat gëtt et am Diamant?

Alex Alles wat Daer wëllt. Daer kënnt do Aer eege Miwwel matbréngen, all Aer Saachen an esouguer äert lessen.

Néckel Esou spuer Daer vill Geld.

Alex (*éierlech*) Dat ass net eist d'Ziel. Daer kënnt och vun alle Servicer aus dem Haus profitéieren. Et ginn der, déi bréngen esouguer hiert Dénsghtmeedche mat.

Néckel Ech huelen un wann hiert Dénsghtmeedchen a Rent geet setzen si et an de Bronze.

Alex (*stëmmt deem zou*) ... oder an de Koffer. Et wëll ee jo zu der Elite gehéieren an Häerz weisen (*e kuckt de Néckel a schwätzt mat him wéi wann si sech eens wäeren*) natierlech kënne maer och fir Aech de Büro installéieren sou, dass Daer weiderhin de Kontrolle maache kënnt.

Néckel An de Rescht?

Marréi Huesi !

Néckel (*zum Alex, vertraulich*) Wann hat mech Huesi nennt, huet et eng Wëlles, Daer wäert gesinn.

Marréi Du hues schlechte Wëllen.

Néckel (*zum Alex*) Wat hat ech gesot?

Marréi Du weess dach ganz genau, dass maer hei just 3 Raim bewunnen an, dass de Rescht eidel ass.

Sonny De Contain kann och nach e véiert Zëmmer lounen.

Néckel (*ironesch*) En ass spendabel eise Giischtchen (*zum Alex*) Ech erklären Aech: Mäi Meedche weess, dass ech keen Euro an äert Geckenhaus investéieren, also huet et säi grousst Kallef iwwerzeegt ze bezuelen.

Sonny Hien zéckt keng Sekonn.

Néckel (*ironesch*) Mengs de? (*zum Alex*) A wéi ass et mat aere Geschäfte? Klappt et do?

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Alex Et klappt.

Néckel Daer gitt jo sécher net alles bei de Steieren un.

Alex Ben.

Néckel Daer wäert deen éischten. Wann ech Aech all meng Gaunereien erziele géif. Soss géife maer net iwwert Ronne kommen (*Komplize*) Hunn ech net Recht?

Alex (*glécklech e Komplize ze hunn*) Daer fuddelt bei de Steieren?

Néckel Ech sinn de Meeschter am Fuddelen.

Marréi (*zum Publikum*) Am Palais hätt en de Spëtznumm "Mon Seigneur".

Alex A!

Néckel Wann Daer wëllt kann ech Aech e puer Tuyaue soen.

Alex Gären.

Sonny (*glécklech*) Ech hat Aech et jo direkt gesot Haer Braack, Daer wäert Aech gudd mat mengem Papp verstoen.

Alex Wierklech.

Néckel Meng gréisste Konscht ass et, dat Gefuddels esou onsiichtbar ze maachen, dass déi um Steieramt näischt zeréckfanne kënnen.

Alex (*begeeschtert*) Wierklech?

Sonny Dat kënn Daer him gleewen.

Néckel Gidd maer emol e Beispill vun aeren Einnahmen.

Sonny Allez Haer Braack, mäi Papp ass ganz staark.

Alex All eist lesse gött bor bezuelt.

Néckel (*glécklech*) Excellent! (*berouegt sech*) Wann ech excellent soen, mengen ech dat finanziell, well (*hëlt den Toun vun engem Dokter deen sengem Patient seet, dass dee vill krank ass*) eng Kontrolle.

Alex (*beonrouegt*) Dat fält op.

Néckel Wéinst der TNS-ILRS.

Alex Wéinst der TNS-ILRES?

Néckel Jo déi huet an enger Ëmfro erausfonnt, dass di Al an den Hospicen ...

Alex ... während Wochen näischt iessen an da stierwen se vun Hunger.

Néckel Dach. Dat war schwéier mee de Statec huet dat statistesch bewisen.

Alex Wéi soll een dann do net erwëscht ginn?

Néckel Di éischt Reegel ass déi, dass een ni verrodend däerf ginn.

Alex: Wéi?

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Néckel (*ganz technesch*) Schwätzt ni vu klengen Manipulationen déi Daer op ärer Steiererklärung maacht et sief bei Leit déi och schonn esou Ähnlech zouginn hunn

Alex (*glécklech e Komplize ze hunn, e mengt elo am Haff mat deene groussen däerfen ze spillen*) Dat ass witzeg. Genau dat hunn ech elo mat Aech gemaach.

Néckel Exakt, an da muss een sech och nach der Saach sécher sinn, dass deen d'Wourecht gesot huet.

Alex Wat wëll Daer domadder soen?

Néckel Et gi Leit di maache wéi wann fir d'Vertraue vun deenen ze kréien déi se herno an d'Pan klaken.

Alex (*fäert ze verstoen*) Jo mee all Chef vun enger Entreprise fuddelt.

Néckel Net wann Aer Entreprise eng gewësse Gréisst huet. Ech ginn zou, am Ufank hu se misse fuddelen fir op déi Gréisst ze kommen. Mee wann dann d'Entreprise eng gewësse Gréisst huet da ginn et esouvill Méiglechkeeten fir laanscht Steieren ze kommen, dass et sech net méi rentéiert fir ze fuddelen.

Alex (*fänkt un beonrouegt ze ginn*) Mee am Ufank hu se gefuddelt!

Néckel (*berouegt*) Natierlech, just et gött eng Verjörung. Hei a mengem Fall! Hei zënter 25 Joer hunn ech keen Cent vergiess unzeginn. Ech riskéiere näischt. (*ganz bedroend*) Ech ka ganz berouegt anerer uschmieren ouni, dass maer eppes geschitt.

Alex Ech hunn den Androck Haer Mercure wéi wann Daer maer ze verstoe wëllt ginn, dass aeren Openthalt bei maer am Altersheem Aech guer net intresséiere géif.

Néckel (*berouegend*) Ech hunn den Androck Haer Braack, wéi wa maer ufänke géifen eis ze verstoen.

Alex Et wier Contraire zu menger Ethik Aech zu iergendeppes wëilten ze zwéngen.

(*Den Alex geet*)

Szeen 4

Néckel Äddi Haer Braack. (*eng Paus, zefridden*) An elo un d'Aarbecht. (*zum Marréi*) So däin Sorbet huet awer och guer keng Manéieren. Deen ass gaang ouni Daer Äddi ze soen.

Sonny Daer denkt just un Aech.

Néckel Maach et wéi maer. Denk un dech a vergiess de Basketspiller. (*Den Telefon rabbelt an de Néckel mécht sech op de Wee*) Dat ass sécher dee laangen lesel! (*en hieft op*) Hallo jo! (*ze deenen aneren*) Ech hu gewonnen. (*deen aneren freet ob hien mam Néckel Mercure schwätzt. Hien äntwert*) Natierlech alen Hummer, Daer schwätzt mam Néckel Mercure! Mat wien hat Daer gehofft ze schwätzen? Vun deem Ament wou Daer meng Nummer gedréckt hutt war ze erwaarden, dass ech ophiewen. Ech wetten Daer hutt d'Nummer souwéisou am Telefon aprogramméiert. (*deen aneren bestätegt*) Gudd! (*reizt*) Sot Daer progresséiert jo schéin mat deenen neien Technologien (zu deenen aneren) Hien laacht. Hien mengt ech hätt e Witz gemaach (*zum Sonny*) Eierlech Du muss hien warnen. Esou e blöd Laachen schuet senger Karriäre. (*zum Marréi*) Dat därefts Du Daer net entgoe loossen, dat ass impressionant. (*en hält den Hörer bei d'Marréi wat lauschtert. Hat klëmmt vun der Bün an hält engem Zuschauer den Hörer dohin fir och ze lauschteren, duerno gött et dem Néckel nees den Hörer*) Laacht hien nach. Erstaunlech. (*En hält den Hörer nees bei d'Ouer. Deen aneren hält op mat laachen*) De Stuem ass eriwwer, ech muss nees mat him schwätzen.

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Wat soll ech soen? *(zum Marréi)* Weess Du net wat een engem groussen lesel erzielt wann deen mat laachen opgehal huet? *(zum Publikum)* Daer och net? *(en denkt e puer Sekonne no. Et mengt een hien géif schwätzen, mee en ass roueg, duerno wierkt en zefriden)* Ech weess et. *(An den Hörer nodeem s en sech konzentréiert huet)* Wien ass um Apparat? *(e gestikuliert de Numm, mee e mécht wéi wann hien net verstoe géif)* Pardon? Du Mouli Wéi? *(Deen aneren informéiert hien, dass en den Eedem ass)* Ech weess, dass Daer mäin Eedem sidd! Just Daer noschelt esouvill, dass ech Problemer hat den Ufank matzekréien a well et vill Du Moulin gëtt ... *(eng Paus. Deen aneren widderhëlt säi Numm a betount den "t")*. Moutin. Pardon. Ech winne mech net drun. Sot Daer musst Aech awer aleng fillen, wann Daer maer urufft *(Deen aneren informéiert de Néckel dass d'Sonny den Handy aus huet)* Ech verstinn. Dat huet eis erlaabt, sech e Bëssen ënnerteneen ze ënnerhalen *(zum Sonny)* Anscheinend hues Du däin Handy op lautlos! *(an den Telefon)* Ech ginn Aech hat. *(wéi wann si Kollegee wäeren)* Bis geschwënn Kolleeg. *(hien gëtt den Sonny den Hörer a seet zum Marréi)* Um Telefon kann e seng Gréisst verstoppen, awer net seng Dommheet.

Sonny Hallo mäi Mummel.

Néckel Wann een e Bac + 5 huet, da verdéngt een et schonn als groussen lesel "Mummel" genannt ze ginn.

Marréi Néckel, e kéint dech héieren.

Néckel De Mummel weess, dass hat domm ass. Mat der Zäit huet hat et sécher och gemierkt. Wa net hunn ech him elo sécher en Déngscht gelescht.

Sonny *(an den Telefon)* De Papa wëll net an den Haer Braack ass séier nees gaang. *(Deen anere freet fir wat?)* Well e vum Steieramt verfollegt gouf. *(et gesäit een, dass déi Äntwert op der anerer Säit schlecht ukomm ass)* Lauschter Mummel. Du gees eleng op Madagaskar, ech komme spéider no wa maer eng Léisung fonnt hunn *(hat wierkt verzweifelt)* Lauschter Mummel, ech ka meng Elteren net aleng loossen. Lauschter Mummel, versich mech ze verstoen. Ech wäert ganz onglécklech ouni dech sinn.

Néckel *(zum Publikum erklärend)* Hat muss di ganzen Zäiten "Lauschter" soen well de Mummel weess net wäit e maache soll wann deen en Hörer am Grapp huet.

(Et gesäit een dass hien agehaangen huet. Hat kräischt.)

Sonny En huet agehaang.

Néckel Elo iwwerwantert hat hei.

Marréi Dofir wollts Du eis an d'Altersheim. Du gees op Madagaskar.

Sonny *(bestätegt)* De Contain huet do eng super Platz offréiert krut, déi fir seng Avancementer wichteg ass. Hien konnt do net "Nee" soen. Ech do an Daer hei ... Wann Aech eppes geschéie géif wier ech net glécklech.

Marréi Néckel. Hues Du dat héieren?

Néckel Du hues Recht, dat wier schrecklech.

Marréi An?

Néckel Ech kennen d'Afrikaner. Ech mengen se hunn opgehal di wäiss ze haassen wéinst der Sklaverei. Ech mengen se huelen engem d'Kolonialzäit och net méi iwwel. Mee wa maer hinnen elo de groussen lesel schécken, ech menge dat verzeien se eis ni.

RIDDO

Bestimmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verléine vu Rollen müssen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

*Dëst ass en Extrait aus dem Theaterstück
"Maer ginn nach net an d'Altersheem"*

**Wëll Dir dat ganz Theaterstück lesen?
Da bestellt dach einfach de ganzen Text als gratis Liesprouf op eiser Websäit.**

Op eiser Websäit ënnert dem Theaterstück

Gréng Bestellbox: Gratis Liesprouf, kompletten Text

Rout Bestellbox. Di ganz Rollen

Blo Bestellbox: Liesprouw per Post oder Zousatzheft zu de Rollen

Wann Iech dat Theaterstück gefalen huet, da bestellt dach einfach
di ganz Rollen am Internet op eise Websäiten.
[www.mein.theaterverlag.de](http://www.mein-theaterverlag.de)

Bestimmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verléine vu Rollen müssen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Vertrieb

mein-theaterverlag
41849 Wassenberg, Packeniusstr. 15

Telefon: 02432 9879280
e-mail: info@verlagsverband.de

www.mein-theaterverlag.de – www.theaterstücke-online.de – www.theaterverlag-theaterstücke.de – www.nrw-hobby.de